De Grupp

Definitioun

"De Grupp as d'Käreenheet vum Verband. Hie ka Jongen a Medercher (coeducative Grupp) oder nëmme Jongen oder nëmme Medercher (...) aus enger Uertschaft, enger Par, engem Quartier oder enger Géigend zesummefaassen. (...)

E Grupp begräift eng oder méi Branchenunitéite vun dene verschiddenen Altersstufen. An denen eenzelne Branchenunitéte kënne Medercher a Jongen (coeducativ Unitéit) oder nëmme Medercher oder nëmme Jonge sin." (Statuten Art. 3.1 - 3.2)

De Grupp besteet aus denen ageschriwwene Memberen: Biber, Wëllefcher, AvEx, CaraPio, RaRo, Chef/tainen, Mataarbechter, Albatrossen.

Eng Amicale vu Frënn oder vu fréiere Guiden oder Scoute kann a Relatioun si mam Grupp, as awer keen integrale Bestanddeel vum Grupp.

Roll

De Grupp as do fir op séngem Territoire méiglechst ville Jonke vum 1.Schouljoer un bis 23 Joer, an och driwwer ewech, d'Méiglechkeet ze bidden, Scoutissem/Guidissem no de Grondsätz vun den LGS ze erliewen. Zu dëser Missioun gehéieren

- d'Organisatioun vun engem attraktive Programm an alle Branchen,
- eng gutt Zesummenaarbecht vun de verschiddenen Unitéiten,
- d'Suerg ëm d'Formatioun vun de Chef/tainen,
- de Rekrutement vun neie Memberen a besonnesch vu Chefkandidaten,
- Kontakter mat anere Gruppen a mat Responsabele vum Verband,
- d'Öffentlechkeetsaarbecht an d'Kontakter mat Autoritéiten,
- déi noutwenneg administrativ Aarbecht,
- d'Beschafung an den Ënnerhalt vu Raimlechketen a vu Material.

Et kënnt vir, datt an engem Grupp eng Zäit laang déi eng oder aner Branche nët ka fonktionnéieren; gemeinsam Aktivitéite mat der respektiver Unitéit vun engem Nopeschgrupp kënnen dann eng Iwwergangsléisung sin, bis de Grupp déi entspriechend Branche (nees) opgebaut huet.

De Grupp stellt d'LGS um lokale Plang duer. E setzt sech do a fir d'Wuel vun de Kanner a Jugendlechen. E bedelegt sech um sozialen a kulturelle Liewe vun der Uertschaft a vun der Par am Sënn vun dene Wäerter, déi d'LGS vertrieden (cf. Statuten 1.1 - 1.5)

Numm vum Grupp

"De Grupp féiert a séngem Titel d'Bezeechnung "Lëtzebuerger Guiden a Scouten" a wielt sech en Numm, dee vum Verbandscomité guttgeheescht gët." (Statuten Art. 3.1)

Z.B. um Bréifpabeier:
Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Guides et Scouts du Luxembourg
Grupp Saint Jean Diddeléng

Z.B. an der Zeitung:

"De Grupp Saint-Martin Duelem vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten invitéiert op séng 'Porte ouverte'..."

oder:

"D'Lëtzebuerger Guiden a Scoute vun Nidderaanwe spillen Theater ..."

oder:

"Le Groupe Saint-Benoît Clervaux des Guides et Scouts du Luxembourg invite tous les jeunes ..."

Op eisen offizielle Pabeieren, Affichen, Handziedelen asw. gët "**Lëtzebuerger Guiden a Scouten**" wa méiglech ëmmer an der Schréft "Helvetica gras petites capitales" (Helvetica bold small caps) gedréckt. Eist Verbandsofzeechen soll derbäi stoën.

Normalerweis wielt de Grupp den Numm vun enger Perséinlechkeet, déi Jonker begeeschtere kann duerch hir Charakteregeschaften an hir Doten. D'Guiden a Scoute solle vun Zäit zu Zäit eppes iwwer d'Liewen an d'Wierk vum Gruppepatréiner gewuer gin.

Wann zwee Gruppe fusionéieren, enegt den neie Grupp sech op een eenzege Patréiner. Et as gutt wann heibäi och d'Kanner a Jugendlech vum Grupp kënne matschwätzen.

Autonomie

De Grupp huet en egent Veräinsliewen, egen Traditiounen, ege Finanzen. Séng Aktivitéite mussen awer am Aklank si mat den Ziler vun den LGS a mat der Guide/Scoutsmethod.

De Verband mëscht sech grondsätzlech nët an d'Liewe vum Grupp. Ausser dene vum Verbandskongress votéierte Cotisatioune fuerdert de Verband vum Grupp kee finanzielle Bäitrag.

Op där aner Säit gët awer erwaart, datt de Grupp sech och um Liewe vum Verband bedelegt an z.B. bei nationalen Aktivitéite matmécht.

Reglement

D'Reglement N°3 "De Grupp" erkläert d'Prozedure beim Entstoe vun engem Grupp a beim Austrëtt, Suspendéieren an Ausschloss vun engem Grupp.